

Léif Bierger aus der Gemeng Péiteng,

léif Bierger aus de Gemengen am noen, a méi wäitem Ëmkrees,

léif Politiker aus anere Parteien, léif Leit aus dem Veräinsliewen,

léif Gemengeconselljee'en, léif Parteimemberen,

Och vu menger Säit als Nationalpresident vun déi Konservativ, e grouse Merci fir dat sympathescht Wëllkommenwuert vun eise Vizepresidenten Sandra Schwachtgen a Mario May – mä och, a virun allem, fir är haiteg Präsenz als eis Frënn, Ënnerstëtzer, an Interesséierter, bei eis um nationale Neijooschpatt an der Parteiheemecht, hei zu Péiteng. Et ass mir eng Freed an eng Éier, hei virun Iech ze stoen, an zesumme mat Iech, op dat neit Joer an op eis konservativ Partei ze prosten – dat sécherlech och an der Traditioun vun alle virechten a vergaangene Neijooschpätt déi dësem virausgoungen, an am biergernoem Interessi mat Iech als Bierger sinn. Op eise Neijooschsemmfang soll manner Politik, a méi Biergerkontakt am Fokus stoen. Mir wëllen awer trotzdem och un dat erënneren, wat eiser Partei esou wichteg ass – mir zéien, fir et am militäresche Jargon aus ze drécken, an d'Schluecht fir e politescht a gesellschaftlecht Zil, nämlech fir méi eng fräiheetlech, biergerlech a wäertegemeinschaftlech Societéit.

Op dësem stengege Wee fir eng méi gerecht Gesellschaft, an hir ideeell Wäerter, fir de Neibau vun enger Gesellschaft, an ee wierkleche politesche Wandel, muss eis Partei sech mat Energie, Iwwerzeugung an Leidenschaft dofir asetzen, well et sech lount, sech fir eis Heemecht, eis Identitéit, eis Kultur an eise Wäertekodex an ze setzen. Eng wouer Léift fir d'Land, ass déi allerwichtigst

Konditioun, fir Politik ze maachen. An trotz alle politeschen Ufeindungen, trotz allen Diskriminéierungen, trotz alle Münchhausegeschichten, bleibt eng Gesellschaft just da fräi a glécklech, wann eng Partei wéi eis de Mutt huet, mat Häerz fir d'lëtzebuergesch Interessen an ze stoen an déi existenziell Prinzipien ze verdeedegen. Et ass mäin Appell un Iech ze resistéieren, ëmmer dann, an ëmmer do, wou och ëmmer Politiker, Parteien a Medie géint Är Fräiheeten, géint Är Rechter, a géint är Pappelandsléift agéieren. Dat ass Äert demokratescht Recht! Loosst Iech net als „riets“ a „béis“ vernennen vun Deenen, déi souwisou op der falscher Säit vun der Guttheet stinn.

Eis jonk Partei, gegrënnt den 21. Mäerz 2017, wäert mam Erfolleg, mä och mat de Néierlagen déi dat politescht Liewen esou mat sech bréngt, ëmmer nees Fändel fir hir Linn, an hiert Engagement weisen, an eleng schonn dofir bestoe bleiwe, fir datt och eng aner Wourecht hir Stëmm huet, an och déi konservativ Iddien a Meenungen erhale bleiwen – och zu Lëtzebuerg. Dat ass ebe genau déi Roll, an deem Zweck, vun eis als ausserparlamentaresch a jonk Oppositionspartei. Mir wäerten eise politesche Kampf net opginn an net astellen, en ass méi wéi jee noutwenneg, et geet eis ëm dat gerecht politescht Zil.

An ech wëll dofir och dovu profitéieren, fir op déi zwee lescht Joren ze verweisen, zwee Wahlkämpf, eemol fir d'Gemeng Péiteng an eemol fir de ganze Süden, mä och fir déi Zäit dotëscht an ebe just déi ganz Zäit wou et eis gëtt, wou vill vun eise Leit hir Zäit, hir Suen an hir Liewensenergie hierginn, fir datt eis Partei Erfolleg huet, a fir datt sech eppes am politesche Geescht ännert – dofir e grouse Merci un eis Matstreider, déi allzäitlech engagéiert sinn, an Iech als

eis Wieler, déi dir eis scho mega ënnerstëtzt hutt, well är Stëmme fir eis Partei wichteg a geschätzt sinn. Wat moer am Prozentsaz kléngt, ass et net an absoluten Zuelen: esou sinn déi ronn 2.500 Stëmme bei de Gemengewahlen (2,40%), an déi bal 10.000 Stëmme bei de Chamberwahlen (0,52%) fir eis Partei jiddefalls vu Bedeutung, well all Stëmm zielt, an all déi Stëmmen hiert Vertrauen an hir Hoffnung an eis setzen, an d'Recht op e Sproochrouer hunn, fir dat si, demokratesch gewielt hunn. Eng Bestätegung fir eis Partei, dat hannert hir, Wieler a Politiker stinn, a getrei dem wat op eiser Remorque steet: „Jeder Held hat seine Anhänger.“

Dat gesot, wëll ech Iech all och nach ganz häerzlech op eisen öffentleche Nationalkongress, Sonndeg den 20. Januar um 10h00 hei ‚A Rousen invitéieren‘, wou mir Iech nach eemol e Patt zum Beschte ginn, a ganz frou wieren, wann dir dësem wichtege Parteievent äert Interessi schenkt – ëmmerhin geet et och ëm d'Europawahlen wou eis Partei mat hirer Europavisioun eng kloer aner Positioun huet wéi de politesche Mainstream. Et ass also derwäert, kucken a nolauschten ze kommen, huet Iech d'Zäit, Iech en eegent Bild ze maachen a léiert d'Alternative kennen.

All Guddes am neie Joer fir Iech, är Famill an är Frënn. Prost op d'neit Joer.